



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Kultusminister weiderzeleeden.

An der Pontifikalmass um Sonndeg vun der Schlussoktav, de 17. Mee 2020, huet den Här Kardinol Jean-Claude Hollerich bedauert datt keen Dialog méi tëscht der Regierung an der kathoulescher Kierch bestéing. De Lëtzebuenger Bistum huet am Kader vun der Coronakris e Schutzkonzept fir d'Kierchen am Land ausgeschafft fir nees ëffentlech Masse kënnen ofzehalen an huet eng deementspreechend Demande bei der Regierung gemaach. D'Regierung, virop den zoustännege Kultusminister, Xavier Bettel, hätten dorobber awer net reagiert.

Den Här Kardinol Hollerich hätt vun der Regierung nëmmen eng méi allgemeng, schrëftlech Äntwert kritt: Ongeféiert Zitat: *„Il n'en demeure pas moins que dans l'état actuel de la réglementation, les activités de nature culturelle, sociale, festive et sportive pratiquées en salle et récréative, dans les établissements recevant du public, sont toujours suspendues.“*

Datt déi reliéis Aktivitéit offensichtlech keen Thema ass an net extra ernimmt gëtt, misst een, dem Här Kardinol no, staark bedauern.


Zitat Jean-Claude Hollerich:

„Ech hu mat Bëschofen aus dem Ausland doriwwer geschwat, déi waren entsat (...), well et d'Mënscherecht vun der Reliounsfräiheet gëtt.“

Dowéinst wéilte mir der Regierung folgend Froe stellen

1. Wëll d'Regierung d'Ausübe vun der Reliounsfräiheet als fundamentaalt Mënscherecht respektéieren a Versammlungen zu Kultzwecker a reliéise Raimlechkeeten nees zouloossen? Wa jo, wéini an ënnert wat fir enge Konditiounen?
2. Hält d'Regierung et an Zäiten vum Deconfinement nach fir néideg an dem Grondsaz vun der Proportionalitéit entspriechend wann, op där enger Säit, Butteker an aner Commercen däerfen opmaachen awer, op där anerer Säit, keng Massen oder Gottesdénsgchter gehalen däerfe ginn?
3. Firwat huet den Här Kultusminister dem Här Kardinol net an engem adequaten Delai op seng Demande geäntwert?

Mat déiwem Respekt,



Gast Gibéryen
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten